# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°397
ABRËLL-JUNI'26

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **100/230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## GR SchlittschongSortie'26




**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskuss-iounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!



Heimat wëll ech ............................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ..................................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus'

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass
Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

# CHEFFEN 2025-2026

## Simply present LBB-STAFF for 2025-2026:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Raphael (Mankei)
MAJERUS Max (Lynx)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**Konto fir GR-Aktivitéiten:** Les Lions Bleus - Groupe / BCEE: IBAN LU83 0019 4955 9103 3000

**BEAVER (BV)**
BOURQUEL Chris (Titan)
DIEDERICH Nora (Jolly)
BRINSTER Anna (Foxi)
FRISCH Danie (GriGri)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email: beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
FRISCH Danie
HAUENSTEIN Kiara (Kala)
PEPIN Levi (Keego)
MILLIM Alex (Bagheera)
RODESCH Jasmine (Matka)
WOHLGENANNT Amélie (Raschka)
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SG)**
MAJERUS Max (Lynx)
LAGADEC Manon
ZAHLEN Chiara
BRINSTER Mia
PIRON Nicolas
PEPIN Cédric
PIRON Aleksis (Pongo)
HEINEN Catherine (Fugu)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
FLAMMANG Raphaël (Mankei)
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu



**Léiwe Beaver**
Eppes Schlëmmes ass geschitt - de Lord Fraquaad huet d'Häerz vum Sumpf geklaut!
Elo dréchent de Sumpf aus, den Esel kann nët méi laachen, an all d'Mäerechefiguren si ganz traureg!

De Shrek an den Esel brauche tapfer Beaver vun den Lions Bleus an den Quaichleken, fir d'Stécker vum Häerz erëmzefannen an d'Magie vum Sumpf zeréckzebréngen.



**START:**
Freides, den 10.04.26 um 08:45 Auer um Glacis bei den Toiletten

**SCHLUSS:**
Samstes, den 11.04.26 um 15:00 Auer beim Chateau d'Erpeldange
(21 Prte des Ardennes, L-9145 Erpeldange-sur-Sûre)

**PRAISS & SOUCHE: 45€**
sinn ze oofzeginn/ze iwwerweisen bis
**spéidstens den 04.04.2026** op de Compte: Les Lions Bleus-Beaver
(BCEE - IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun:
SHREK'26 - Numm vum Participant

**WAAT BRAUCH ECH:**
Foulard, dem Wieder ugepassten Kleeder, Ersatzkleeder & Ënnerwäsch, Biergschong, Wäschsaachen, Täscheluucht, Gamelle (mat Becher, Couvert, Kichenduch), ...
Klengen Rucksaack mat:
gefëllte Bidon, eng Kaap an vill Motivation !!!!



Heimat erlaaben ech ..........................................................

méngem Beaver .......................................................... vum

10.-11.04.2026 um SHREK Weekend deelzehuelen.

Datum & Ënnerschrëft: ..........................................................





**Léiwe Wëllefchen,**
wéi's du sëcherlech schon matkruus, ass de Mowgli elo an de südamerikanesche Dschungel op d'Sich no séngen verluerene Kollegen.
**Awer opgepasst!** E geheimnisvollt Orakel huet viraus gesoot, dass hien do grouss Geforen erwaarden. Nëmmen Dir kënnt hien beschützen a säin Wee sëcher maachen...



**Rendez-vous:**
Freides, den 10.04.2026 um 10:00 Auer op der Gare Centrale Luxembourg
**Schluss:**
Sonndes, den 12.04.2026 um 12:00 Auer beim Cactus zu Bouneweg

**Präiss:**
**60€,** sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den 29.März 2026 op de Compte:
Les Lions Bleus-Meute (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)
mat der Mentioun: Numm vum Participant + SACamp26



**Waat brauch ech:**
dem Wieder ugepasste Kleeder, Foulard, Schloofsack, Carrymat, gefëllte Bidon, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, **Picknick,** Sonnecrème, eng Kaap an vill Motivatioun!!!!



**Heimat erlaaben ech ..........................................................................**

**méngem Wëllefchen ....................................................... vum**

**10.-12.04.2026 um SüdamerikaCamp deelzehuelen.**

**Datum & Ënnerschrëft: .............................................................**

**Et gëtt erëm Zäit fir eraus!**

An dëser Sortie gi mir rëm bëssе Back to Basics an léiere rëm wat et ausmëscht Explorer ze sinn! Wanns du och um Feier kachen, dir puer Blosen ertrëppelen an natierlech an der Natur eppes opbaue wëlls, da mell dech séier un, fir des Bushcraft Sortie!



**Start & Schluss?**

**Samsdes** den **02.05.2026**_RV um 9h00-17h00 jeweils beim Home Lions Bleus.
**ATTENTION** > Changement de dates !!!

**Wat brauch ech?**

Dem Wieder ugepasste Kleeder, déck Schung, klenge Rucksak mat gefélltem Bidon, Täschemesser, ...

**Präis an Umeldung?**

**15 €** sinn op den Explorercompte ze iwwerweisen
mat der Mentioun: "Bushcraftsortie + Numm vum Participant"

--> Mell dech per Souche oder WhatsApp bei déngem Chef un **bis den 18.04.2026**



Heimat mellen ech ............................................................ gären mäin Explorer ............................................... un, fir un der Bushcraftsortie den 02.05.206 deelzehuelen.



Ënnerschrëft: ..........................................................................................

fnel scouts & guides

# Beaver Fun Day 2026

**Mir invitéieren iech op eng Rees duerch de Wilden Westen den 9. Mee beim Chalet vun de Grénge Scouten zu Diddeléng**

**Start & Schluss:**
Samstes **9.Mee 2026**
jeweils um **10h30** & **16h20** zu
Diddeléng beim Parking op der
Place Jean Fohrmann virum Leclerc

**Präiss: 10€**




**Umeldung** per Souche&Iwwerweisung bis 18.03.26:
op de Compte: Les Lions Bleus-Beaver (BCEE - IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun:
BV-Funday'26 & Numm vum Participant

**Waat brauch ech?** Foulard, Bidon mat Waasser, **e Picknick fir Mëttes** a vill Motivatioun !



Heimat erlaaben ech ..................................................

méngem Beaver ....................................................... um

FNEL Beaver Funday den 09.05.2026 deelzehuelen.

Datum & Ënnerschrëft: ..............................................

## Explorersportsdag + Seefekeschterennen

**Léiwen Explorer, och fir 2026 huet d'Explorer Ekipp aus der FNEL zwou vu séngen emblematëschen Aktivitéiten zesummen bruecht: Den ExplorerSportsDag & d'SeefeKëschteRennen. Daat Ganzt geet iwwer 2 Deeg. Den Éischten Dag fir ierch midd ze maachen an den Zweeten fir de Bierg erofzerullen.**

Fir de Moment ass just den Datum bekannt, genee Détailer kritt der soubaal der ugemellt sidd ;)

**Dofir** --> **!!! 9.-10.05. 2026 !!!**








**Start?** Samstes, 09.05.2026 um +/- 9h00
**Retour?** Sonndes, 10.05.2026 um +/- 16h00
Déi genee Infos/Détailer kommen no der Umellung !!!

**Waat muss den Explorer dobei hunn?**
Sportskleedung, Sportschong fir de Sportsdag an alles waat en Explorer op engem Weekend sou brauch (Opgepasst > Ët gëtt am Bivouaq geschlof) **a vergiess weder déng Sportschlappen nach däin Helm.**

**Unmelldung?** Schnellstens bei déngem Chef per Souche
**Praiss?** **???** dësen kritt der na matgedeelt an gët dann bezuelt op den Konto: Lions Bleus-Explorer (BCEE LU300019495591026000) mat der Mention: FNEL-SKR&SD'26 - Numm vum Participant.



Heimat erlaaben ech ____________________ méngem Explorer ____________________ mat op den Sportsdag & SKR_SeefeKëschteRennen den 9.-10.05.2026 vun der FNEL mat ze goën.




Ënnerschrëft: ____________________

# FNEL Walk for Nepal | FIR JIDDEREEN




**Walk for Nepal 2026**

Dës Joër gët och nees de Walk for Nepal organiséiert. D'Tembo an d'Rover Ekipp brauch déng Hëllef. Trëppel duerch de Bësch a looss der deng Kilometer sponseren. Zesumme sammele mir Spenden fir d'ONGD- FNEL mat hieren Nepal Projeten z'ënnerstëtzen. Méi Informatiounen zum Spenden an zum Départ kriss du an enger E-Mail nodeems du dech ugemellt hues.



**Wéini?** Sonndes, den **17. Mee 2026**

**Wou?** zu Ohn op der Mousel
(Chalet LGS Jean Baptiste, 14 rue de la Résistance, L-5401 Ahn)

**Präis?** **10€** op de Kapp >> W.e.g. bis den 10. Mee 2026 op de Konto FNEL-Programm iwwerweisen
(LU95 0030 0457 4525 6000)

**Umellen?** Umelle mam Google Forms bis den 10. Mee 2026 oder per e-mail
(rover@fnel.lu / tembo@fnel.lu)

Mir freeën eis op dech an hoffen dass dëst Joer rëm eng säfteg Spend fir de Nepal zesumme kennt, zeck also net an mell dech séier un!

Rover & Tembo Ekipp

# FNEL - DIVERS SOUCHEN








**Allez Séier! Komm eraus aus déngem komfortabele Steenhaus! D´Wikinger erwaarden dech!**
**Ragnar de Roude brauch DENG Héllef! Duerch verschidden Ëmstänn huet hien d´Götter erzürnt a Ragnarok, an domadden d´Enn vun der Welt sougut wéi erbäigeruff! Elo leit et un DIR him ze héllefen dëst ze verhënneren, also mell dech séier u fir dass och DU zum Wikinger gëss!**



**Rendez-Vous:**
SC/EX: Samsdes, den 23.Mee 2026 um 09h00 op der Gare Centrale
LX: Samsdes, den 23.Mee 2026 um 14h00 op der Gare Centrale

**Retour fir Jiddereen:** Dënschdes, den 26.Mee 2026 um 15h00 nees op der Gare Centrale

**Unmellen & Präiss:** bis den 09.Mee 2026 bei déngem Chef an **75€** ze iwwerweisen op de Compte: "Les Lions Bleus-Groupe" (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) mat der Mentioun: "Pëngschtcamp26 + Numm vum Participant"

**Waat brauch ech:**
Fir Jiddereen: Foulard, dem Wieder ugepasste Kleeder, Wäschtrousse (Zännbiischt, Wäschsaachen, Handduch, etc...), Ersatzkleeder, Bidon mat Waasser, Gamelle (Besteck, Becher, Kichenduch), Schloofsaachen (Schlofsaack/mer schloofen dobaussen, Carrymatt, Pyjama), Kaap, Täscheluucht & Schwammsaachen, …

EXTRA:
LX: dem Wëllefchen séng 5 Saachen, …
SC & EX: Picknick fir den 23.05. Mëttes, déck Schong, 7 Saachen, …



Heimat erlaaben ech …………………………………. méngem LX/SC/EX
……………………………………….. deelzehuelen um Pëngschtcamp
de 23.-26.05.2026 vun den Lions Bleus an ginn d'Souche pünktlech
oof / bezuelen mat Zait!



Datum & Ënnerschrëft: ……………………………………………

## Rover-Tembo WE

## Jo, genee , et ass en Rover/Tembo WE.

Also, wannts du dem Alldag kuerz wëlls entflüchten an nei Energie tanke wëlls, dann ass de Weekend eng perfekt Gelegenheet. Hei hues du Zäit, déi gemeinsam Momenter ze genéissen - an dat an enger ganz idyllescher an natierlecher Ëmgéigend.



**Rendez-Vous:**
6.Juni 2026 um 09:00 Auer op der Gare zu Dummeldeng
**Retour:**
7. Juni 2026 géint 17:00 Auer op der Gare zu Dummeldeng



**Material**
Carry Matt, warmen Schloofsaack, Gamelle, Becher, dem Wieder ugepassten Kleeder fir all Zäit am Daag ...

**Pic-Nic fir Samsdes Mëttes**
an **Gegrillts fir Sonndes Mëttes**

**Umeldung** beim Paco & Grizzly iwwert
Mail: paco_grizzly@hotmail.com
Telefon : 691 790238 / 691 790239

# SORTIE / WEEKEND | FIR D'MEUTE & TROUPE



**Léiwe Wëllefchen an Scout...**

Bass du prett fir en Abenteuer, dat's de ni vergiesse wäerts?
Stell der vir: Héich an de Beem, d'Sonn am Gesiicht an d'Fräiheet ënnert déngen Féiss.
All Schrëtt mécht dëch méi staark, all Hinderniss gëtt zu enger Erausfuerderung déi's de packs. Hei geet ët ëm Spaass, Teamgeescht an e Gefill vu richteger Fräiheet.
Trau dëch, sprang mat an erlief eng KloterRees wéi nach ni virdrun!



**Départ & Schluss** Sortie fir **LX:**
Samstes, den 13.06.2026 um 10:00 & 17:00 Auer um Glacis bei den Toiletten

**Départ & Schluss** Sortie & Weekend fir **SC:**
Samstes, den 13.06.2026 um 17:00 Auer um Glacis bei den Toiletten
Sonndes, den 14.06.2026 um 15:00 Auer um Parking vum Lasergame
zu Bertrange (3, rue Pletzer L-8080 Hefent Bertrange)

**Wat brauch ech (LX & SC):**
Foulard, dem Wieder ugepasste SPORTLECH Kleeder, Biergschong & **klengen Rucksack mat**: **PicNic,** gefëllte Bidon, Sonnecrème, eng Kaap an vill Motivatioun!!!!

**Zousätzlech** brauchen nach **Scouten fir de Weekend dono**, Grousse Rucksak mat: Schloofsak, waarm Kleeder fir Owes, (daichter) Sportskleeder fir Sonndes, Pyjama, Wäschsaachen, Täscheluucht, ...(Well hei steet **SamstesOwes** an **SonndesMoies** nach eng **Iwwerraschung** um Ziedel ...)

**Präiss: 20€** fir d'Wëllef_**LX** & **40€** fir d'Scouten_**SC**,
Dës sinn ze iwwerweisen / Souche ass oofzeginn bis spéitstens **den 2.05.2026**
op de Compte: Les Lions Bleus-Meute (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000) mat der Mentioun:
KloterSortie - Branche vum Participant (LX oder SC) + Numm vum Participant

Heimat erlaben ech ........................................................ méngem Wëllefchen

..................................................... op der KloterSortie den 13.06.2026 oder méngem

Scout .................................................... op de KloterSortie mat de Wëllef & Weekend

vum 13.-14.06.2026 deelzehuelen.



Datum & Ënnerschreft: ..........................................................................




# FAAKEL-ZUCH 2026

Wéi all Joër's...Vertrieden mir och dës Joër eisen Grupp nees um Fiirowend vum Nationalfeierdag um Faakelzuch.

Mir treffen ons den 22.Juni um

## 20:00 Auer

bei der Metzlerei Kaiffer op
77,Grand Rue  L-1661 Lëtzebuerg




Waat brauch de Wëllefchen, de Scout, den Explorer, de Rover, den Tembo, d'Amicale an natiirlech nët ze vergiessen eis léif Comitésmemberen ???

**RICHTEG!** ... séng **TIP TOP Uniform,**
**also: donkelblo Box, Uniformshiem, Foulard**
**& evtl eng LBB-Kaap**

**OPGEPASST:** Daat Ganzt huet och een Enn!
Deen ass do wou den Schluss vum Cortège ass > gèint 22:15 Auer.
> Wou genee soën mer Ierch um RV...

**D'Souche** ass bis spéidstens **den 13/06/2026** bei déngem Chef **oofzeginn !!!**

**---> Wéi all Joër's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden <---**



Ech ..............................................................
ginn dëst Joër 2026 mat op de Faakelzuch,
an **sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous ;)**



..............................................................
ElterenËnnerschrëft





## Schluss Sortie BV

Moien léif Beaver,
De Bibu ass rem zréck vun sénger Weltrees, an hien huet lauter Geschichten an Souveniren matbruecht fir eis.
Mee befir hien eis dat alles zielen a weisen wëll, géif hien gären alles wat hien vu séngen Tourguiden an deenen verschiddenen Länner geléiert huet mat eis testen an esou huet hien eis op eng kleng Schnitzeljagd durch d'Staat Lëtzebuerg agelued.
Also mellt iech séier un an entdeckt zesummen mam Bibu alles wat hien esou op sénger Weltrees erlieft huet.

**Rendez-Vous:** Samstes, den 27.06.26 um 11:00 um Parking Glacis (niewend den Toiletten)

**Retour:** Samstes, den 27.06.26 um 16:00 beim Home Lions Bleus

**Präiss:** 0€ - Gratis

**Souche:** ass oofzeginn bis spéitstens den 20.06.2026 !

**Waat brauchs du:**
Foulard, e klengen Rucksaack mat opgefëlltem Bidon **an klengem Pic-Nic fir Mëttes**, dem Wieder ugepassten Kleeder, Kaap & Sonnencrême, an natiirleh Motivatioun ...

Heimat erlaaben ech ............................................................

méngem Beaver ...................................................................... den

27.06.2026 mat op d'SchlussSortie ze goën.

Datum & Ënnerschrëft: ............................................................



# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 04.04.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 10.-11.04.2026 | | WEEKEND mat den EQ |
| 18.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 25.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 02.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 09.05.2026 | | FNEL BV Funday |
| 16.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 23.+30.05.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 06.06.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 13.06.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 20.06.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 22.06.2026 | | LBB GRILL-STAND an der Staat |
| 27.06.2026 | | SORTIE |
| 04.07.2026 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 12.07.2026 | | POW-WOW by LBB |
| 16.07.-14.09.2026 | | SUMMER-VAKANZ |
| 19.09.2026 | 14:00 - 17:00 | Gruppenversammlung |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 04.+11.04.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 10.-12.04.2026 | | CAMP |
| 18.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 25.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 25.-26.04.2026 | | FNEL LX SixerWeekend & Sixplo |
| 02.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 09.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 16.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 23.+30.05.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 23.-26.05.2026 | | GRUPPEN-PËNGSCHTCAMP |
| 06.06.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 13.06.2026 | | SORTIE mat den Scouten |
| 20.06.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 22.06.2026 | | FAACKELZUCH |
| 22.06.2026 | | LBB GRILL-STAND an der Staat |
| 27.06.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 04.07.2026 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |

# PROGRAMM SCOUTEN


| | | |
|---|---|---|
| 04.+11.04.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 18.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 25.04.2026 | 14:00 - 16:00 | Patrullenversammlung |
| 02.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 09.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Patrullenversammlung |
| 16.05.2026 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 23.+30.05.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 23.-26.05.2026 | | GRUPPEN-PËNGSCHTCAMP |
| 06.06.2026 | 14:00 - 16:00 | Patrullenversammlung |
| 13.-14.06.2026 | | SORTIE mat den Wëllef an dono WE |
| 20.06.2026 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 22.06.2026 | | FAACKELZUCH |
| 22.06.2026 | | LBB GRILL-STAND an der Staat |
| 27.06.2026 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 04.07.2026 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung / Prép.PW'26 |
| 11.-12.07.2026 | | POW-WOW by LBB |
| 16.07.-14.09.2026 | | SUMMER-VAKANZ |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 04.+11.04.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 18.04.2026 | 14:00 - 16:00 | UnitéitsVersammlung |
| 25.04.2026 | 14:00 - 16:00 | UnitéitsVersammlung |
| 02.05.2026 | | EX SORTIE |
| 09.-10.05.2026 | | FNEL SK Rennen & SportsDag |
| 16.05.2026 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 17.05.2026 | | FNEL RO/TB 'Walk for Nepal' |
| 23.+30.05.2026 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 23.-26.05.2026 | | GRUPPEN-PËNGSCHTCAMP |
| 06.06.2026 | | EX SORTIE |
| 13.06.2026 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 20.06.2026 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 21.06.2026 | | FNEL RO/TB BeachVolley |
| 22.06.2026 | | FAACKELZUCH |
| 22.06.2026 | | LBB GRILL-STAND an der Staat |
| 27.06.2026 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 04.07.2026 | 14:00 - 16:00 | EX-Versammlung / Prép.PW'26 |

# RAPPORT Weekend | EXPLORER (EX)



Mir hunn eis zu sechs Explorer, engem Cheff an eisem Formateur den 24. Januar 2026 um 8 Auer moies am LBB-Home getraff fir zesummen den Éischt-Hellef-Weekend ze starten.



Den éischten Dag hu mir vu moies bis zum Mëttegiessen dat meescht vun der Theorie duerchgeholl, andeems mir vill Krankheetsbiller virgestallt an erklärt kruuten wéi een drop reagéieren soll. Dësen theoreteschen Deel hu mir och mat prakteschen Übungen gekoppelt, wéi zum Beispill mam uleeën vun Verbänn. Géint 16 Auer war dann och Schluss fir dësen Dag. Mir hunn eis Better veärdeg gemach an hunn den Owend mat engem Film an guddem Iessen ausklengen gelooss.

Den zweeten Dag sollt et dann och rem géint acht Auer lassgoen. Wéi och den Dag virdrun hunn mir moies Theorie duerchgeholl an spéiderhin eis rem mat der Praxis auserneengesat. Den prakteschen Deel hued deen Dag aus Fallbeispiller bestaan, déi een entweder alleng oder an zu zwee hued missen bewältegen kënnen. Dëst waren kleng Tester zum Schluss vum Dag, déi eis dann och den Éischt-Hellef-Cours bestaanen geloss hunn. **MO**













# RAPPORT LBB AG‘26 | GROUPE (GR)

De 31. Januar 2026 hun d‘Lions Bleus nees hiir Memberen & Frënn invitéiert fir an hirem Home déi alljährlech Assemblée générale oofzehaalen. Als éischt huet eise Präsident d'Léit härzlech Wëllkomm geheescht an huet e puer Wieder un eis Cheffen, Kanner an Eltere geriicht. Hien huet natiirlech och den Cheffen an dem Comité Merci gesoot fir hiir Aarbëscht an Engagement iwwer daat letzten Scoutsjoër, well daat wiir jo keng Selbstverständlechkeet. Gefollegt gouf dëst vum Rapport vun de Gruppen & Branchenaktivitéiten, respektiv vun den Ännerungen an Upassungen am Comité an am Grupp.

No der Präsentatioun konnten d‘Léit dann nach fir ee gudden Pätschen an e Stéck Pizza bleiwen. No enger erfollegräicher AG hu mir dës dann och nach gemeinsam gudd auskléngen gelooss. **MANKEI**





# RAPPORT Weekend | MEUTE (LX)









Dëse Weekend huet et eis Meute an d'Häerze vu Kanada verschloe. Nodeems mir eis um 10:00 Auer all op der Gare versammelt hunn ass et och direkt mam Bus bis op Miersch gaangen. Vun do aus hu mir e klengen Trajet duerch Miersch gemaach an hunn um Wee vill flott Spiller a kléng Rätsele geléist. Mëttes hu mir eis dann am Park mat engem Picknick gestäerkt an dann ass et weider bis bei den Home vun de Loutres gaangen. Do gouf et dann typesch kanadesch "Maple Leaf Cookies" a waarme Schocki. Dunn si mer an de Bësch getrëppelt an hunn do Real-Life Cluedo gespillt, bei dem d'Kanner ëmmer de Mörder, Tatwaff an den Tatort rausfanne missten. Rëm zréck beim Home konnten d'Kanner hiert Wëssen iwwer Kanada mathëllef vun engem Jeopardy testen. Fir d'Owesiesse gouf et du Mac'n Cheese. Als Nuetsspill ass dann nach eng Partie Schmuggler gespillt ginn a da war et och schonn Zäit fir an d'Bett.

Den nächste Moien, gouf et, no engem klenge Frühsport, Bagels a Müsli, fir dass d'Kanner sech gutt stäerke konnte fir den Dag. Dono ass et direkt weidergaange mat diverse Spiller an enger Bastel wou all Kand säin eegenen Totem aus Toiletterouleauen bastele konnt. Fir d'Mëttesiesse konnten d'Kanner mathëllefen eng traditionell Three sisters soup a Bannock(Brout) virzebereeden. Et gouf fläisseg geschnëppelt a gereiert a gebak, soudass mir Mëttes e leckert Iessen haten. Dunn war och schonn Zäit alles anzepaacken, ze raumen a fir e lescht klengt Spill no baussen ze goen. Um 14:00 Auer war et dunn och schonn Zäit erëm heemzegoen.

**KIARA**









**Freides**
Mir hunn eis Freides um 18h30 beim Home getraff fir zesummen alles erauszeleeën an de Minibus anzeraumen. No bal 30 Joer Techuana ass dat ruckzuck gaangen. Owes gouf et du Pizzaen déi mir nach vun der AG iwwreg haten. Wëll et den Dag drop zimmlech fréi lassgoe sollt, hu mir nach e bësse gepotert, sinn iwwert de Plang vum Dag drop gaangen, an hunn eis du schlofe geluecht fir den Dag drop fit ze sinn.



**Samstes**
Fir de groussen Dag vum Départ si mir géint 5h opgestan, hunn de Recht Material agepak a si lassgefuer. No e puer Plazen um Wee wou et e bësse gestaut huet (déi mir awer mat e puer Spiller gutt iwwerstan hunn), si mir géint 18h am Chalet um Techuana ukomm. Hei loung nach Schnéi um Terrain, wat eng flott Iwwerraschung wo. Do ass et dunn och direkt lassgaange mam ausraume vum Bus a mat der Chargen Opdeelung. De Maki an de Chouch hunn sech ëmm d'Iesse gekëmmert wärend de Recht vun eis d'Material op déi richteg Plaze gedroen hunn, de Kamäin ugeschmass hunn an eis installéiert hunn. Och de Bidon mat Waasser aus der Quell fëlle misst gemaach ginn. Hei gouf de néie Rekrut Loup direkt agespaant. Nom schaffe gouf et dunn Spaghetti Bolognese vum Chouch, déi mir eis no deem laange Wee gutt schmaache gelooss hunn. Owes gouf dunn nach gespullt a geraumt, a mir hunn den Owend lues ausklénge gelooss an eis op déi nächst Deeg gefreet.






**Sonndes**
Sonndes wo den Dag wou mir de Chalet virbereet hu fir d'ganz Woch. Moies si mir um 8h opgestanen an hu gemitterlech Kaffi gedronk. Duerno gouf d'Campplaz fäerdeg opgeriicht: alles gouf gebotzt (Kichen, grousse Sall an Toiletten), de Schlauch gouf vun der Quell an d'Kiche geluecht. Dat huet e bësse mei laang gedauert wei geduecht, well d'Opsätz net direkt déi richteg waren an d'Waasser net mat Drock erauskomm ass.
Holz gouf kleng gemaach an opgestockt. Mëttes gouf et Wafelen mat Kürbiszopp vum Manul. Duerno hu mir eis Schwammsaache gepackt, dat déi prett si fir duerno. Mee als éischt si mir nach ee klengen Trëppeltierche beim Moor getrëppelt. Duerno direkt an d'Thermen zu Villach fir eng gutt waarm Dusch. Zeréck aus den Thermen gouf du gekacht. Et goufe Kniddelen. D'Wieder wo de ganzen Dag iwwer genial gutt, net kal a vill Sonn. Den Owend hu mir nach zesumme verbruecht an hunn eis op d'Pisten den Dag drop gefreet.







**Méindes**
Fir den éischte Ski-Dag si mir mat voller Virfreed um 7h opgestanen, hu Kaffi gedronk, Charge gemaach a si lass op déi éischt Ski-Piste gefuer.
Fir d'éischte Kéier an der Geschicht vum Techuana, si ma an Italien an d'Skigebidd Tarvisio gefuer. Et wo eng flott Géigend wou een nach eng Kéier higoe kéint. Et muss et just oppassen, well déi Rout Pisten si näischt fir Fuerufänger (Dës Remarque kënnt vum Loup, deen déi éischte Kéier Ski gefuer ass ??). Fir Mëttes gouf et da Picknick, oder och net? Mir haten nämlech d'Brout vergiess... Dunn ass de Grizzly duerch Duerf geiert fir Brout opzedreiwen, un engem Méindes wou alles zou wo. Schlussendlech ass hien awer fündeg ginn a mir konnten, mat e bësse Verspéidung, mam Iesse lass leeën. Duerno wo leider keng Zäit mei fir nach eng Kéier ze fueren also si mir an eng



Hütt eppes Waarmes drénke gaangen. Am Chalet ukomm haten de Chouch an de Maki schonn alles preparéiert fir direkt mam kachen unzefänken. Nom ausdoen, ophänken an de Chargen goufe mir mat Wäinzoossissen an der Moschterzoosse, mat Brokkoli a Grëmpercher verwinnt. No dësem leckeren Iessen hu mir den Owend mat Gesellschaftsspiller ofklénge gelooss a si midd, mee glécklech schlofe gaangen.

**Dënstes**
Hei wo de nämmlechten Procedere wei den Dag virdrun. Dës Kéier si mir an d'Skigebitt Gerlitzen gefuer. Hei si mir d'Pisten och wei Profis erofgefuer bis kuerz no Mëttes. Eisen Ufänger huet sech gutt geschloen an ass just nach 30 mol gefall. Mëttes gouf et nees Picknick (dës Kéier mat Brout) bevir de Bierg nees geruff huet. Wei d'Lifter lues a lues hier Dieren zougemaach hunn, si mir nach eppes op d'Pöllingerhütte drénke gaangen a sinn am spéide Nomëtten an d'Thermen zeréck gefuer. Owes gouf et Auberginnen-Bullette mat Quinoa an Zalot. Eppes Neies an de Scouten an immens immens gutt!

**Mëttwoch**
Mëttwoch si mir mat mega Wieder op de Katschberg gefuer. Et wo Sonn, et wo waarm, et wo einfach perfekt! D'Piste waren och gutt ze fueren an eisen Ufänger ass just nach 6 mol gefall, ënnert anerem beim éischte Versuch um Schlepper. Am Nomëtten hu mir eis dunn och ee leckere Kaiserschmarren gegonnt. Owes gouf et Spätzle mat Poulet Curry an d'Rechter (Brokkoli, Gromperen), Zalot a Muerten an Iebesser. Als Owesprogramm stoung am Ufank Junglespeed um Programm. Dat spillt léist bei de Lions Bleus ëmmer d'Urinstinkten aus, esou dat de Levi sech och leider liicht um Fanger verletzt hat. Duerno goufen awer manner rabiat Spiller gespillt.

**Donneschtes**
Donneschdes huet d'Wieder leider ugefaange manner gutt ze ginn. Et wo bewölkt an et huet geschneit. Mir ware, wéinst dem Wieder, nees op Gerlitze gefuer. Moies huet et nach e bësse geschneit wat flott ze fuere wo, Mëttes ass de Schnéistuerm du richteg lass gaangen. Eisen Ufänken ass just nach 3 mol gefall a ka scho richteg gutt fueren. Owes wo de Plang an d'Thermen ze fueren, mee wëll immens vill Leit do waren, hu mir eis dozou enscheet den Dag drop ze goen. Den Dag huet awer lecker opgehale mat enger traditioneller Kéisfondue.

**Freides**
Fir eise lëschten Dag um Techuana si mir nees op Gerlitze gefuer. Dës Kéier hu mir allerdéngs ënnen am Duerf geparkt fir d'Seelbunn op de Bierg ze huelen. D'Wieder wo bewölkt an um héchste Punkt wo immens vill Niwwel. Trotzdeem waren d'Piste ganz gutt ze fueren an et wo ee flotten Ofschloss vun der Techuana Ski-Saison. Eisen Ufänger ass nëmmen nach 2 mol gefall an ass elo mam Ski-Virus infizéiert a kann et net erwaarde fir d'nächst Joer nees de Bierg erofzefueren (oder rutschen?). Als Ofschloss si mir Mëttes och op eng Hütt eppes däfteges Iesse gaangen. Owes si mir dann eng lëscht Kéier an d'Therme gaange fir propper nees Heem ze kommen. Fir de Krees zouzemaache gouf et Owes d'Rechter Bolognesezoosse vum éischten Dag ze iessen. Nom Iesse gouf alles agepak an









# RAPPORT Techuana'26 | GROUPE ( ab EX)

am Bus verstaut fir Samsdes Moies direkt fortfueren ze kënnen.

**Samtes/Sonndes**
Hei si mir nees um 5h opgestanen, hunn de Recht Material agelueden a si fortgefuer. Erstaunlecherweis si mir nees géint 18h zu Lëtzebuerg ukomm. Owes gouf nach bësse geraumt a gebotzt an den Owend gouf gemitterlech ausklénge gelooss. Sonndes gouf dunn alles fäerdeg gebotzt an um 10h wo den Techuana 2026 dunn offiziell fäerdeg a jiddereen ass midd, mee frou, mat ville néien Erënnerungen an eng Virfreed fir d'nächst Joer Heem gaangen.

**LOUP**











# RAPPORT FNEL Quiz | ROVER & TEMBO (RO/TB)






Den 27. Februar 2026 hunn sëch di blo Léiwen vu Bouneweg ënnert dem Numm "Royal Bleus" um Colmar Bierg getraff fir ee flotten Owend ënner Scoutskollegen ze verbréngen. Den Owend stoung am Motto "Ee royalen Owend ze verbréngen", deemno hunn sëch all eis Participant'en erausgebotzt a schick gemaach.
De Quiz huet aus verschiddene "Gäng" bestaanen, mat allerhand Froën iwwert déi verschiddensten Themen. Fir ze lesse gouf ët eng Kéis/Charcuteriespalette mat allerhand aaneren Saachen. Ët ass vill geschwaat an natiirlech och vill iwwerluecht ginn. Schlussendlech konnten sëch d'Eechternoacher Quaichleken duerchsetzen a gewannen! Mir Royal Léiwen konnten eis op eng stolz 11. Plaatz freeën!
Fir d'nächst Joër hunn sëch dann d'Peaux-Rouges bereet erkläert fir den nächsten Rover/Tembo Quiz ze organiséieren. Dann gesinn mir eis dann All zu Diddeléng erëm! **Mankei**








# RAPPORT Sortie | TROUPE (SC)



Fir eis Sortie ‚Surviving a Winternight',
hunn mir eis den 28. Februar 2026 um 9 Auer getraff a vun do aus sinn d'Scouten op den éischte Poste getrëppelt. Do hu si hier Kniet reviséiert an neier bäigeléiert.
Da sinn se op den zweete Poste getrëppelt a si hunn do e Biwak gebaut. Den drëtte Poste war d'Iessen a si hunn do misse Feier umaachen, de Chilli Con Carne kachen a si kruten och bëssi Stockbrot.
Nom Iessen si si dann op de véierte Poste getrëppelt, mee leider ass et zäitlech net méi opgaange fir en Naturbiwak ze bauen. Do hu si dann awer missen déi 4 Punkte vun den anere Posten sou zesumme verbannen dass se de Punkt vum fënnefte Poste fonnt hunn, wou si dann e klenge Snack kruten.
Ganz erschëpft si se schlussendlech zréck op de RDV getrëppelt an no enger Chaine des Adieux an engem Meckercarré konnten se och scho rëm Heem goen. **Manon**







# RAPPORT FNEL Soirée CG | CHEF DE GROUPES (CG)

Leschte Freiden an zwar den 6.März 2026 goufen d'Gruppecheffen an Kaderen vun der FNEL op déi traditionnel "Soirée chefs de groupe" invitéiert. Mindestens eemol d'Joër treffen sie sëch fir sëch op Invitatioun vum Programmkommissariat, fir zesummen en informellen Owend ze verbréngen an sëch auszetauschen. Dësen Owend huet mat engem alternativen Speed Dating ugefangen, bei deem d'Thema Scouten awer Tabu ass, eben ausserhalb vun der Comfort Zone an dësem Kader. Duerno gouf zesummen eng lecker Quiche mat grénger Zalot gies. De nächsten Programmpunkt war e Spill, bei deem d'Inviteeën an 4 Gruppen ënnerdeelt goufen, fir sëch géinteneen bei 10 Challengen ze behaapten. De Clou beim Spill war, dass sie bei all Challenge hu missten Spillgeld setzen op hire Sieg vun der Challenge. D'Verléierer vun der Challenge hunn dobäi den Asaz verluer. Ofschleissend ass den Owend mat engem klengen Patt an geselleger Ronn op en Enn gangen. Merci den 30 Participanten an bis d'nächst Joer .
Och eis 2 Gruppencheffen Mankei & Lynx woren dobai an hun profitéiert vum géigensaitegen Austausch.









## An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

am
PACKAGE

**T-SHIRT**
**&**
**HOODIE**

fir nëmmen:
**45 EURO**



T-shirt **17€**



Knuet **5€**




Pullover **30€**



Foulard **10€**

## and many more to . . .

Am **nächsten LBB-Shop** am Home kriss du eis **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard,...**

& **50 % SOLDES** op:
Kichendicher, praktesch LBB Tuut, Sticker, Bic & ...

> Natiirlech ass och eisen klengen SecondHand op mat:
Hierm_€15, Pullover_€10, T-shirt_€5 ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:

... **16/05** -> profitéier nach 1x virum Pëngschtcamp ... & **27/06/26** virum Pow-Wow/Summer ... **jeweils vun 15h45 - 16h30** (max) ...

# AMICALE LBB



Opgepasst, opgepasst, mir sichen dech!

No laange Joren wëllen d'Lions Bleus nees eng Amicale op d'Bee stellen.
Déi Amicale soll aus motivéierte Leit bestoen déi dem Groupe punktuell am Joer ënnert d'Äerm gräifen. Konkret kann daat heeschen: beim Kachen hëllefen, um Grillstand eng Wurscht dréien oder ee puer Béierdëscher opzestellen.

Natierlech soll d'Amicale net nëmmen eng Hand mat upaken, mee wäert sech och déi eng oder aaner Kéier bei enger Taass Kaffi treffe fir sech gemitterlech auszetauschen.

Wanns du Loscht hues bei der flotter Troupe dobäi ze sinn oder weider Froen hues, kanns du dech gär mellen op: amicale@lionsbleus.lu

Mir freeën eis op dech!



# FNEL - KALENNER

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 28.03.-12.04.2026 | OUSCHTER-VAKANZ |
| 25.-26.04.2026 | LX SixerWeekend |
| 09.05.2026 | BV FunDay |
| 09.-10.05.2026 | EX SD & SKR |
| 17.05.2026 | Walk for Nepal |
| 23.05.-31.05.2026 | PËNGSCHT-VAKANZ |
| 21.06.2026 | RO/TB Volleyball |
| 22.06.2026 | FaakelZuch |
| 03.07.2026 | ScoutsWuppeFest |
| 11.-12.07.2026 | Pow-Wow |
| 16.07.-14.09.2026 | SUMMER-VAKANZ |
| 18.-24.07.2026 | FeWeCa |
| 21.-23.08.2025 | TB Hunt it |
| 29.-30.08.2026 | RO Weekend |
| 09.09.2026 | CoGro |
| 13.09.2026 | Journée des chefs |

# ET SCHÉNGT ...

01) wéi wann eis Explorer zesummen mat e puer Chef e flotten 1.Hellefsweekend um Programm stoën haaten.
02) dat eng vun eisen LX Cheffin'en schon mi laang nët méi gesinn gouf bei hiirer Meute zu Bouneweg am Home.
03) wéi wann mir mol nees sait laangem emol nees héigen Besuch op eiser Assemblée générale konnten begréissen.
04) dat 2 motivéiert Lions Bleus sëch zur Aufgab gesaat hun nees eng Amicale op d'Been ze stellen sou op der AG.
05) wéi wann den Feedback vun eisen Cheffen betreffend der Réunion Semstrielle vun der FNEL ganz positiv ass.
06) dat bei eis am/ëm den Home LBB jo ëmmer genuch lass ass, mee mir am Februar nët schlecht gestaunt haaten.
07) wéi wann fir den alljährlegen RoverTembo Quiz den Grand Duc invitéiert haat, bei d'Hirsch op e flotten Owend.
08) dat mer dës Joër virun 30 Joër déi aller 1.kéier an Techuana gefuer sinn anzwar op den FNEL SummerCamp.
09) wéi wann mer (falls der gudd gekuckt hudd) nei EvacuationsPläng un d'Maueren installéieren gelooss hun.
10) dat d'Préparatiounen fir eisen Pow-Wow am Juli elo op Héischtouren laafen awer nach puer Retour'en feelen...

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) dat sie hei vill baigeléiert hun vum Master Yuko an dat eis Scouten als Versuchskanickel duerhaalen missten.
02) wéi wann eis't Amélie fir eng Aventure an fir 6 Méint fir d'ONGD vun der FNEL am Nepal zu Kathmandu schafft.
03) dat dës Joër d'Julie Bové (Commisaire générale) & Manul (Vice-présidente) vun der FNEL mat um RV woren.
04) wéi wann den Loup & Soa do di richteg Uspriechpartener sinn, oder einfach per mail op: amicale@lionsbleus.lu
05) dat hinnen daat neit Konzept mat verschidden Stänn/Thematiken, vun Branches-Ekippen gefall huet.
06) wéi wann eng Horde vun Wëllschwain gudd gefeiert/geschafft hun an den ganzen Terrain opgewullt hun. Krass.
07) dat mir eis Invitation (vun den Hirsch) nët entgoen konnten loossen an mat enger chic'er Ekipp ugetrueden sinn.
08) wéi wann dorops hin den Wantercamp dohinner entstaanen ass an mir sou sait 1997 dësen do ëmmer maan.
09) dat dann lo demnächst (Enn Abréll) dann och deen obligatoréschen Exercice d'Évacuation um Ziedel steet.
10) wéi wann daat lo wiirklech nët méi laang ass, an an 3 Méint all d'Léit härzlech ‚Wëllkomm' heeschen kënnen.

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Reuter-Schantzen, . . .

# AGENDA | Abrëll-Juni'26

| abrëll'26 | | mee'26 | | juni'26 | |
|---|---|---|---|---|---|
| Më 1 | | Fr 1 | | Me 1 | |
| Do 2 | | **Sa 2** | BV/LX/T V<br>**EX SORTIE** | Dë 2 | |
| Fr 3 | | **So 3** | | Më 3 | |
| **Sa 4** | | Me 4 | | Do 4 | |
| **So 5** | | Dë 5 | | Fr 5 | |
| Me 6 | | Më 6 | | **Sa 6** | BV/LX/PV<br>**EX SORTIE** |
| Dë 7 | | Do 7 | | **So 7** | |
| Më 8 | | Fr 8 | | Me 8 | |
| Do 9 | | **Sa 9** | LX/PV<br>FNEL BV FunDay & EX S-Dag | Dë 9 | |
| Fr 10 | **BV WEEKEND / LX CAMP** | **So 10** | FNEL EX SeefeKëschtenRennen | Më 10 | |
| **Sa 11** | **BV WEEKEND / LX CAMP** | Me 11 | | Do 11 | |
| **So 12** | **LX CAMP** | Dë 12 | | Fr 12 | |
| Me 13 | | Më 13 | | **Sa 13** | BV/EX<br>**LX SORTIE & SC WEEKEND** |
| Dë 14 | | Do 14 | | **So 14** | |
| Më 15 | | Fr 15 | | Me 15 | |
| Do 16 | | **Sa 16** | BV/LX/T V/EX | Dë 16 | |
| Fr 17 | | **So 17** | | Më 17 | |
| **Sa 18** | BV/LX/T V/EX | Me 18 | | Do 18 | COMITE |
| **So 19** | | Dë 19 | | Fr 19 | |
| Me 20 | | Më 20 | | **Sa 20** | BV/LX/T V/EX |
| Dë 21 | | Do 21 | COMITE | **So 21** | |
| Më 22 | | Fr 22 | | Me 22 | **FAACKELZUCH ab LX**<br>**LBB GRILL fir JIDDEREEN** |
| Do 23 | COMITE | **Sa 23** | **GRUPPEN PËNGSCHTCAMP**<br>fir Jiddereen ab LX | Dë 23 | |
| Fr 24 | | **So 24** | **GRUPPEN PËNGSCHTCAMP**<br>fir Jiddereen ab LX | Më 24 | |
| **Sa 25** | BV/PV/EX<br>FNEL LX SixerWeekend | Me 25 | **GRUPPEN PËNGSCHTCAMP**<br>fir Jiddereen ab LX | Do 25 | |
| **So 26** | FNEL LX SixerWeekend | Dë 26 | **GRUPPEN PËNGSCHTCAMP**<br>fir Jiddereen ab LX | Fr 26 | |
| Me 27 | | Më 27 | | **Sa 27** | LX/T V/EX<br>**BV SORTIE** |
| Dë 28 | | Do 28 | | **So 28** | |
| Më 29 | | Fr 29 | | Me 29 | |
| Do 30 | | **Sa 30** | | Dë 30 | |
| | | **So 31** | | | SUMMER-VAKANZ 16.07.-14.09.2026 |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

Op der Sortie am Vitarium huet Jiddereen vill baigeléiert egal op Kleng oder Grouss ...an gelaach gouf och vill, dofir hei nach e Klassiker fir Ierch : Eine Kuh macht Muh, viele Kühe machen Mühe ;)

LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057



* THATS ALL FOLKS ...